**N° 4164**
Reçue le 27.04.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Finanzminister an den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3760 schreiwen d'Madamm Ëmweltminister an den Här Finanzminister (zesumme mam Här Energieminister), datt d'Regierung "vum Klimawandel betraffenen Entwécklungslänner" bis 2025 eng Enveloppe vun 200 Milliounen Euro zur Verfügung stelle wëll, dëst zousätzlech zu der Entwécklungshëllef.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un déi dräi Ministeren:

1) Wéi ginn déi 200 Milliounen Euro vu staatlecher Säit justifiéiert an ënnert wéi enger Form a vu wéi engem Budgetsartikel fléissen déi Gelder?
2) Wéi verdeelen déi Gelder sech op déi eenzel Länner? Kann d'Regierung en Tableau mat den absolutten Zuelen an den entspriechende Prozentsätz presentéieren?
3) Wéi ee Verwendungszweck hunn dës Gelder? Gëtt d'Verwendung auditéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 7 juin 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**<u>Objet :</u>** Question parlementaire n°4164 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4164 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung a vum Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n°4164 vum 27. Abrëll 2021 vum éirewäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert "Aides financières dans le cadre du changement climatique"**

Am Kader vum Paräisser Klimaaccord, a méi präzis dem Artikel 9 vun dësem Accord, huet Lëtzebuerg, genee wéi all déi aner entwéckelt Länner, sech engagéiert fir d'Entwécklungslänner verstäerkt finanziell bei hire Klimaschutzbeméiungen ze ënnerstëtzen. Deemno sollen déi entwéckelt Länner all zesummen all Joer 100 Milliarden Dollar mobiliséieren. An dësem Kontext hat d'Lëtzebuerger Regierung 2019 decidéiert eng finanziell Enveloppe vun insgesamt 200 Milliounen Euro fir d'Joren 2021 bis 2025 zur Verfügung ze stellen. Dës Ausgabe ginn, a Konformitéit mam Klimagesetz vum 15. Dezember 2020, vum Klima- an Energiefong gedroen. Vun dëser Enveloppe si 40 Milliounen Euro fir de „Fonds vert pour le climat", dat zentraalt multilateraalt Instrument vun der internationaler Klimafinanzéierung, reservéiert. 25 Milliounen Euro gi bereetgestallt fir Projeten déi vu Lëtzebuerger ONGen ausgefouert ginn. De Rescht vun de Gelder fléisst a bilateral Projete souwéi a multilateral Kollaboratiounen. Esouwuel d'Klima-Upassung wéi och d'Reduktioun vun den Zäregasemissioune ginn iwwer dëse Wee ënnerstëtzt. D'Regierung wäert järlech iwwer d'Verwendung vun dëse Gelder Rapport ofleeën. Un Hand vun enger Rei vun innovativen Instrumenter hëlleft Lëtzebuerg och, mat sengen Investissementer, zousätzlech privat Gelder fir de Klimaschutz ze mobiliséieren.